LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Le Ministre

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
10 FEV. 2017

Luxembourg, le 10/2/ 2017

Le Ministre des Affaires étrangères et européennes

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse commune de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes, Monsieur le Ministre de la Coopération et de l'action humanitaire, Monsieur le Ministre de la Défense et de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure à la question parlementaire n° 2669 posée par l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.

Jean Asselborn

**Réponse de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes, de Monsieur le Ministre de la Défense et de la Sécurité intérieure et de Monsieur le Ministre de la coopération et de l'Action humanitaire, à la question parlementaire numéro 2669 du 12 janvier 2017 de l'honorable Député Monsieur Fernand Kartheiser.**

*1 ) Wéi vill bilateral a multilateral Hëllef huet Afghanistan vu Lëtzebuerg zanter 2001 kritt? Wéi eng Mëttele goufe fir wéi eng Zwecker benotzt? Wéi ass kontrolléiert ginn, respektiv wéi gëtt kontrolléiert, ob déi Mëttelen och fir den Zweck benotzt gi fir den se geduecht waren?*

Déi bilateral a multilateral Hëllef am Beräich Entwécklungs- an Humanitär Hëllef vu Lëtzebuerg am Zäitraum 2001-2016 beleeft sech op **41, 4 MEUR**.

Dovunner sinn an dëser Zäitspan 18,3 MEUR fir humanitär Hëllef agesat gi fir d'Protektioun an den Accueil vun déplacéierte Persounen, ronn 7,2 MEUR fir Santés Projeten (*y inclus d'Santé maternelle*), 7,8 MEUR fir Reconstructions a ronn 3,1 MEUR fir Agrikultur Projeten. Des weideren huet Lëtzebuerg och Projeten am Beräich vun der grenziwwerschreidender Entwécklung, der Volkszählung an der Ëmwelt an Héicht vun 5 MEUR ënnerstëtzt.

D'Lëtzebuerger Hëllef (*am Beräich Entwécklungs- an Humanitär Hëllef, bilateral a multilateral*) gëtt duerch international unerkannten Organisatiounen an Institutiounen an no internationale Critèren vun Transparenz an Verantwortung („*Accountability*") ëmgesat. Deementspriechend muss all Organisatioun sech déi néideg Prozedure gi fir d'Ëmsetze vun dëser Hëllef ze kontrolléieren, y inclus duerch d'Präsenz um Terrain. D'Lëtzebuerger Kooperatioun mécht och regelméisseg Visiten um Terrain fir selwer d'Ëmsetzung vun de Projeten ze kontrolléieren an steet an enkem Kontakt mat den Organisatiounen.

Allgemeng ass och ze bemierken datt d'Bekämpfung vun der Korruptioun een Haaptbestanddeel ass vun den Oplagen déi international Donateuren der afghanescher Regierung imposéiert hunn an des Konditionnalitéit gouf och nach eng Kéier am Oktober 2016 op der Bréisseler Donateurs Konferenz a Präsenz vum afghaneschen Präsident an der afghanescher Regierung däitlech gemaach.

Komplementär zum Beräich Entwécklungs- an Humanitär Hëllef ënnerstëtzt Lëtzebuerg den Afghanistan och am militäresche Beräich mat engem gesamte Montant vu ronn **34 MEUR**. De Gros vun dëse Contributiounen iwwerweist Lëtzebuerg un den NATO „Afghan National Army" (ANA) Trust Fund.

Soumat beleeft sech de gesamte Montant vu bilateraler an multilateraler Hëllef vu Lëtzebuerg zënter 2001 un Afghanistan op iwwer **75 MEUR**.

*2) Wéi vill Membere vun der Arméi ware bis elo am Afghanistan engagéiert? Wéi eng Erfahrungen huet d'Arméi aus dem Engagement gezunn, souwuel um personelle wéi um materielle Plang?*

Bis haut waren am ganzen 274 Lëtzebuerger Militär am Afghanistan engagéiert. Eenzelner ënnert hinnen hu méi wéi eng Missioun gemaach. Am Juli 2003 huet Lëtzebuerg op Basis vum *règlement grand-ducal déterminant la participation luxembourgeoise à la Force*

*Internationale et d'Assistance et de Sécurité (FIAS) en Afghanistan du 9 mai 2003* en éischte Contingent am Afghanistan déployéiert. Dëst Détachement, dat an der Regel aus 9 Militär (geleeëntlech 10) bestan huet, war bis September 2012 an d'Compagnie de protection déi d'Belsch Landarméi gestallt huet integréiert an huet un der Sécurisatioun vun der Militärzon vum internationale Flughafe vu Kabul (KAIA) deelgeholl.

Vun Dezember 2012 bis Oktober 2014 war e lëtzebuerger Détachement vun 10 Militär deen an en Détachement vun der Belscher Loftwaff integréiert war un der Sécurisatioun vum Flugstützpunkt vu Kandahar bedeelegt (flight line security).

Donieft waren och lëtzebuerger Militär, déi am Quartier général vum Corps européen intégréiert waren, 2004, 2005 an 2012 un der FIAS bedeelegt, souwéi de lëtzebuerger Officier de liaison bei der franséisch-däitscher Brigade déi 2011 dohinner déployéiert gouf.

2012 gouf en Ënneroffizéier vum Service de déminage vun der Arméi op Kabul déployéiert fir un engem Projektlaboratoire fir kriminologesch Analyse am Kader vum Kampf géint improviséiert Sprengsäz [onkonventionell Spreng- a Brandvirriichtungen / EOD] deelzehuelen.

Aktuell bedeelegt sech d'Arméi un der Resolute Support Missioun déi am Januar 2015 d'FIAS ofgeléist huet. Vu Juni 2015 un ass op Basis vun enger Rotatioun vu 6 Méint 1 Ënneroffizéier vum Service de déminage am multinationalen EOD Détachement (Neutralisatioun vu Sprengsäz) integréiert, deen zu Mazar-e-Shariff kantonéiert as a fir den TAAC-N (Train Advise Assist Command-North) Kommando ënnert däitscher Leedung schafft.

Et handelt sech em déi éischt Operatioun bei där d'Lëtzebuerger Arméi eng Sécherheets- a Protektionsmissioun erfëllt huet, och wa sech gewëss Techniken an Taktiken den Aufgaben déi vun engem Reconnaissance Peloton an enger Friddensmissioun erfëllt gi nokommen. Wéi all westlech Arméien, gouf d'Lëtzebuerger Arméi an de leschte Joeren um materiellen an taktesche Niveau duerch d'Lektiounen aus de Opstandsbekämpfungskonflikter am Irak an Afghanistan beaflosst, déi sech (wéinst de feindlechen Aktiounschemen, der Postur vun de alliéierten Truppen,...) vun engem Engagement an engem konventionelle Konflikt ënnerscheeden.

Dës Standardisatioun vun de Prozeduren an dem Material kënnt vun den alliéierten Arméien déi am meeschten ënnert deene Konflikter gelidden hunn, am besonnegen d'US-Amerikanesch Arméi. D'Formatioun vun lëtzebuerger Militär an ausländeschen Schoulen (haaptsächlech an der Belsch) an den Training vun den ISAF Détachementer innerhalb vun de Belschen Détachement hunn dozou gefouert dass dës Techniken an dëst Material an eis Arméi integréiert goufen. Wann awer de Déployement an Afghanistan dëse Prozess beschleunegt a noutwenneg gemaach huet, sou ass en awer nët den eenzeg Gronn.

Dat individuellt Material (tenues ignifuges, protections balistiques et harnais de combat) gouf verbessert, och wann verschidden Adaptatioune (z.B. individuell Radioën) nach amgaang sinn. D'Material ass méi technesch a méi deier ginn (Gefierer, Störsender, etc.), mä et handelt sech em eng generell Tendenz an allen Arméien. Den Ënnerhalt vum Materiell am Operatiounsgebitt gëtt doduerch oft méi kompliziéiert a verlaangt méi Personal.

Et as offensichtlech dass de Choix an den Akaf vum Dingo 2 (als PRV – „Protected Reconnaissance Vehicle") als taktescht Basisgefier fir d'Arméi am Kader vun der Analys vun de Geforen an engem Opstandsbekämpfungskonflikt, an nët an Kader vun engem konventionelle Konflikt, gemaach gouf. D'Sécherheet vum Militär war nach ëmmer eis éischt Prioritéit. Den Dingo as dowéinst zu Kabul zum Asaz komm. Dat selwecht applizéiert sech fir den Akaf vun de anti-improviséiert Sprengsätz Störsenderen.

Aner Schlëss déi een aus dem Asaz am Afghanistan zéie kann:

- d'Lëtzebuerger Militär, déi aus enger Formatioun vu Reconnaissance Peloton staammen, ware souwuel de statesche wéi den dynameschen Sécherheets- a Protektionsmissiounen gewuess. Dat selwecht war de Fall bei den EOD-Posten a Staabsfunktiounen déi besat goufen.
- De lëtzebuerger Militär huet eng gewësse Facilitéit fir sech an en multinationalt Emfeld ze integréieren. (Dës Bemierkong beschränkt natierlech nët nëmmen op d'Operatiounen am Afghanistan – si staamt och aus anere Missiounen, z.B. EUTM Mali, wou d'lëtzebuerger Militär a belsche, däitschen a franséischen Eenheete geschafft hunn.) Déi traditionell Partnerschaft mat der Belsch huet nees eng Kéier hier Efficacitéit bewisen.
- De Stellewäert vum Engleschen, wou ee bemierke muss dass de allgemenge Niveau vun de lëtzebuerger Détachementer gutt war.
- Aner evident Fakte wéi d'Bedeitung vun der Interoperabilitéit, sief et um prozedurale oder materielle Niveau (z.B. Kommunikatiounsmëttel) si nët exklusiv op den Afghanistanasaz zréckzeféieren, och wann d'Engagementer an „crisis management" Operatiounen – egal fir Friddenserhalung oder Opstandsbekämpfung – eng Multinationalisatioun op méi klengen Echelonë mat sech brénge wéi bei Engagementer fir Kollektivverdeedegung. Sou hunn déi lëtzebuergesch Zaldoten zu Kandahar nieft belschen, däneschen oder amerikaneschen Zaldoten operéiert, an zu Mazar-e-Sharif besteet den EOD-Peloton aus däitsche, belschen, estneschen an engem lëtzebuergeschen Militär.

*3) Ginn et aktuell Iwwerleeungen, wéini d'Missioune vun der lëtzebuerger Arméi am Afghanistan op en Enn kommen?*

Dat aktuellt groussherzoglecht Reglement erlaabt et der lëtzebuerger Arméi bis den 1. Juli 2018 un der Resolute Support Missioun deelzehuelen. Momentan gëtt et keng Iwwerleeungen iwwert d'Enn vun der Bedeelegung vun der Lëtzebuergescher Arméi un der Missioun, mir wäerten Enn 2017, ënner anerem un Hand vun den Entscheedungen an Diskussiounen an der NATO, d'Opportunitéit vun der Fortsetzung vun eiser Bedeelegung un der Resolute Support Missioun iwwer den 1. Juli 2018 hinaus bewäerten.

*4) Wéi eng diplomatesch Beméiunge gëtt et am Abléck fir Afghanistan, déi Lëtzebuerg direkt oder Indirekt ënnerstëtzt?*

Zënter dem Lancement vum sougenannten „Tokyo Framework" (Juli 2012) ënnerstëtzt Lëtzebuerg mat der internationaler Communautéit d'Partnerschaft fir wiertschaftleche Wuesstem an Entwécklung vum Afghanistan. Am Oktober 2016 huet Lëtzebuerg, an der Persoun vum Minister fir Entwécklungshëllef Romain Schneider, un der internationaler

Konferenz fir Afghanistan zu Bréissel deelgeholl. Am ganzen waren 75 Länner bei dësem internationalen Effort uwiesend. D'Engagement vun der internationaler Communautéit fir den Afghanistan gouf op en Neits reaffirméiert an d'Afghanesch Autoritéiten hunn d'Reformen, déi duerch d'Land an de leschte Joeren ëmgesat goufen, presentéiert.

Dës Weideren befaasst sech de Conseil vun den EU-Ausseministeren all Joer mat den Entwécklungen am Afghanistan an hellt Stellung zur politescher, Sécherheet- an ekonomescher Lag am Land. Déi lescht Konklusiounen sinn den 18. Juli 2016 adoptéiert ginn.

Och am Kader vum leschte NATO Sommet zu Warschau, an Uwiesenheet vum afghanesche President Ashraf Ghani an anere Regierungsmemberen, huet Lëtzebuerg säin Engagement fir den Afghanistan bis 2020 zesumme mat der internationaler Kommunautéit reaffirméiert.

Säit 2009 ass Lëtzebuerg am *„International Contact Group"* (*ICG*) fir den Afghanistan an de Pakistan implizéiert dee, zesumme mat regionalen Acteuren, sech befaasst mat politescher Kooperatioun an der Regioun.

*5) Ginn zu Lëtzebuerg Illegal Drogen aus dem Afghanistan verkaf oder konsuméiert? Wéi eng Roll spillt dat Land am Beräich vum Handel a vum Konsum vun illegalen Drogen hei am Land?*

Afghanistan spillt weltwäit eng bedeitend Roll bei den illegalen Drogen "Heroin" an "Haschisch". Afghanistan ass de gréissten Opiumproduzent op der Welt. Aus dem Opium gëtt den Heroin gewonnen, eng Drog, déi och zu Lëtzebuerg verkaaft a konsuméiert gëtt. Iwwer 90% vun der Weltproduktioun vum Opium staamt aus dem Afghanistan. Dat bedeit, datt den Heroin deen um lëtzebuergeschen Drogenmarché ze kréien ass, och aus Afghanistan staamt.
Des Drogen kommen awer net iwwert den direkten Wee an d'Europäesch Unioun, méi iwwert Transitlänner wéi Russland, d'Türkei an och iwwert den afrikaneschen Kontinent. Deen zu Lëtzebuerg ugebuedenen Heroin kënnt haaptsächlech iwwer Holland an eist Land.
Vun der Police gëtt gekuckt wéi héich de Rengheetsgehalt vum Heroin ass.

Afghanistan ass och de gréissten Ertragsproduzent vun Haschisch op der Welt (produzéieren am Meeschten op klengsten Raum). Den Haschisch gëtt aus der Hanfplanz gewonnen an spillt zu Lëtzebuerg keng grouss Roll. Cannabiskonsumenten zu Lëtzebuerg bevirzéien den Marihuana, deen aus därselwechter Planz gewonnen gëtt. Beim Haschisch gëtt den THC-Gehalt vun der Police analyséiert.

*6) Wéi entwéckelt sech d'Zuel vun den Afganen hei am Land zënter 2001? Wéi vill legal Immigratioun gëtt et, wéi vill Demanden op Asyl respektiv Internationale Schutz goufe gestallt a mat wéi engem Resultat? Wéi ass d'Positioun vun der Regierung wat d'Réckféierung vu Persounen aus dem Afghanistan ugeet?*

Tëschen 2001 an 2007 gouf keng Demande vun enger afghanescher Persoun agereecht. 91 Afganen hunn tëschen 2008 an 2014 eng Demande agereecht. 2015 war marquéiert duerch eng extrem héich Unzuel vun afghaneschen Demandeure mat 218 Persounen. 2016 hunn der nach 56 Leit eng Demande agereecht.

39 Persounen kruten, säit 2008, internationale Schutz; dovunner kruten 24 Leit de Statut vum Flüchtling an 15 Persounen hu vum subsidiäre Schutz bénéficiéiert. An 41 Dossier war Lëtzebuerg net zoustönneg fir d'Demande ze traitéieren; dat heescht, d'Persounen sinn an dat europäescht Land transferéiert ginn wou si fir d'éischt hir Demande agereecht hunn a an deenen nach keng Décisioun geholl ginn ass. An 2 Fäll gouf d'Demande als irrecevabel erklärt. An 25 Fäll ass eng Décisioun geholl ginn, nodeems den Demandeur verschidden Obligatiounen vum Gesetz net erfëllt hat (renociation tacite). 17 Persounen hunn eng negative Décisioun krut.

D'Positioun vun der Regierung wat d'Réckféierung vu Persounen aus dem Afghanistan ugeet, bléift onverännert. Lëtzebuerg ass weiderhin entschloss fundamental Rechter an de Prinzip vum non-refoulement ze respektéieren. An deem Sënn gëtt d'Situatioun vu all eenzelner Persoun analyséiert an dat am Respekt vun allen prozeduralen Garantien. An de leschte Joren, huet de Grand-Duché keng gezwongen Réckféierung an den Afghanistan duerchgefouert.

*************